# Keng Zensur an de Mediën

Den amerikanesche President George W. Bush war zimlech rosen. Geheimdéngschtlech Informatiounen am Kontext vun den terroristeschen Attacken vum 11. September, déi hien dem Congress virugereecht hat, waren an de Mediën opgedaucht. Doropshin huet hien decidéiert, dës "Geheimnisser" an Zukunft nach jhust mat ganz wéinege Spëtzeleit vum Kapitol ze deelen. D'Journalisten, an also d'Öffentlechkeet, brauchen nët alles gewuer ze gin, dat as d'Approche am Wäissen Haus. Nëmme jhust: Huet d'national Secherheet an der momentaner "Krichs"-Situatioun tatsächlech Prioritéit virun de Bierger hirem Recht op Informatioun?

Den US-Journalismus hält grouss Stékker op séng investigativ Qualitéiten. Dee bekanntesten Dossier däerft de Watergate-Skandal sin, duerch deen de Richard Nixon als President huet missen zeréckttrieden. Wat dëser Deeg aus Amerika gemellt gët, as duerfir bal nët ze gleewen. Op Wonsch vum Wäissen Haus hu sech déi 5 grouss Televisiounschaînë bereet erkläert, fir an Zukunft keng Videosdiscoursë vum beschëllegten Terrorist Usama Bin Ladin méi tel quel ze weisen. Si gesin doranner e "patrioteschen Akt"; et kann een doranner och eng fräiwëlleg Zensur gesin.

An Afghanistan as et och nët déi éischte Kéier, datt d'Medië sollen dru gehënnert gin, fir hier Informatiounen direkt un der Front ze sammelen. Am Golf-Krich a bei anere Geleënheete virdrun an duerno war dat nët anescht. D'Argument vun de Politiker an de Militärleit as ëmmer dat selwecht: D'Journaliste kéinten – ongewollt – Saache verroden, déi d'Sécherheet vun

den Zaldoten a Gefoer géif bréngen. Mee dorëms geet et nët.

Aus dem Vietnam-Krich as mir kee Beispill bekannt, wou eng militärstrategesch Operatioun vun engem Reporter verrode gi wäer. An deen Ament waren ganz vill Journalisten an der Konfliktzone ënnerwee. Souvill, datt et haut nach ëmmer Politiker an den USA gët, déi behaapten, hiert Land hätt dëse Konflikt op resp. wéinst der Televisioun verluer. Vläicht hu si recht, well wann eng Gefoer vun de Mediën a Krichszäiten ausgeet, dann déi, datt duerch hier Reportagen iwwert d'Realitéit un der Front d'Moral doheem an der Stuff bei de Leit, déi de President gewielt hun, esou e Knacks kritt, datt d'Leit dësem President déi nächste Kéier eventuell nët méi hier Stëmm gin. Kee Wonner, datt d'Politiker op Propaganda setzen, nët op Informatioun.

Wie soll an deem Fall de Bierger soen, wat leeft? Datt si dëst Recht op Informatioun hun, doriwwer brauche mir hoffentlech nët ze diskutéieren. Nëmme jhust: Ausser de Journalisten as keen do, fir dës Aufgab z'iwwerhuelen. Eng Aufgab, déi ganz gewëss eppes mat enger Kontrollfonktioun ze din huet. Ech mengen awer op kee Fall, datt de Mediën an iergendenger Form d'Positioun vun der véierter Muecht am Staat zousteet, wéi heiansdo liichtfankeg gesot gët. Duerfir fehlt hinne ganz einfach d'demokratesch d'Legitimatioun. Mee si hu genee sou gewëss eng Roll an der Demokratie ze spillen, nämlech déi, fir onofhängeg Informatiounen ze sammelen. Dorober bauen si hier Legitimitéit bei de Lieser, Nolauschterer an Zuschauer, an domadder och bei der Bierger.

1969 huet de Seymour Hersh, den heitegen Doyen vum investigativen US-Journalismus, säi Reportage iwwert de Massaker vu My Lai publizéiert. An dëser südvietnamesescher Uertschaft haten amerikanesch Zaldoten an e puer Stonnen iwwert 500 Zivilisten, déi ouni Waffe waren, brutal liquidéiert. Op dem Hersh säin Artikel dozou bäigedroen huet, de Vietnam-Krich op en Enn ze bréngen, as niewesächlech. Wichteg as, datt d'Wourecht erauskoum. D'Reejhirung an d'Arméi haten zwar wëlles, de responsabelen Offizéier virun a Standgeriicht ze bréngen, mee d'Öffentlechkeet sollt w.e.g. nët mat esou onappetitlechen Détailer belästegt gin.

De Patriotismus, wéi en den Ament, iwwregens fir d'éischte Kéier, vun der US-Tele praktizéiert gët, an Éieren; mee den Usproch vun der Öffentlechkeet op Informatiounen steet e puer Träpplécker méi héich. Well eng fräiheetlech Gesellschaft, déi en onredigéierte Video vun engem Terrorist wéi dem Usama Bin Ladin nët aushält, wat däerf een däer iwwerhaapt nach zoumudden? Ech hu jiddefalls gestaunt, wéi ech gelies hun, datt zwee US-Journalisten bei hiren Zeitungen erausgeflu sin, well si de Krisemanagement vum President George W. Bush an deenen éischten Stonnen no den Attacke kritiséiert haten.

*(21. Oktober 2001)*

## Alles, wat derwäert as

Et kënnt nët all Dag vir, datt eng Zeitung 150 Joer kritt. A wann eng Zeitung bis an deen Alter kënnt, da gët dat gewéinlech grouss gefeiert. Nët esou bei der *New York Times*, bei däer et de leschte 17. September esou wäit war. Wéinst den Attakken op de World Trade Center huet déi wuel beschten Zeitung vun der Welt alles ofgesot, wat u Feierlechkeete geplangt war. Souguer eng Spezialéditioun as nët gedréckt gin. Duerfir beweist d'Tata Times, wéi den Uwe Johnson si a séngem Roman Jahrestage mat vill Léift nennt, all Dag, datt si hire journalistesche Ruff nët fir näischt huet.

Eleng schon hiere Motto: "All the news that's fit to print" – All d'Neiegkeeten, déi et derwäert sin, gedréckt ze gin. Wat fir eng formidabel Vermessenheet, esou en Usproch z'erhiewen. Besonnesch wann ee sech un eng ironesch Remarque vum Kurt Tucholsky erënnert. Hie sot, am Fong wäer et e klengt Wonner, datt all Dag just esou vill géif passéieren, wéi an d'Zeitung géif passen. An e klengt Wonner as tatsächlech, wat Dag fir Dag um Wutz vum New Yorker Times Square, deen nët zoufällegerweis esou heescht, zesummegesat gëtt. Wie schon eng Kéier eng komplett Sonndeséditioun vun der *New York Times* ënnert dem Aarm geschleeft huet, weess, wéi dat gemengt as. Wann d'Wo nët méi wéi zwee Kilo uweist, muss ee sech sérieux froen, op d'Drécker déi Woch gestreikt a just eng Noutéditioun duerch d'Maschinne gejot hun. A wat bei muenchen Zeitungen d'Zuel vun de Säiten as, dat entsprécht bei der *New York Times* der Zuel vun de Sektiounen.

Méi impressionant wéi d'Quantitéit as just nach eppes: d'Qualitéit vun den Artikelen. Dat war nët ëmmer esou. Wéi den Adolph S. Ochs d'Zeitung 1896 opkaf